RELAIS POUR LA VIE

FONDATION LUXEMBOURGEOISE CONTRE LE CANCER

CÉRÉMONIE D'OUVERTURE 2009

TÉMOIGNAGE DE JOSIANE

Gudden Owend,

Ech sinn d'Josiane. Ech hunn 42 Joer a sinn zënter dem Joer 2000 u Broschtkriibs mat Metastasen erkrankt. Ech hat eng Operatioun, Chimio a krut deemols dat neit Medikament "Herceptin.

Bis haut kréien ech all dräi Wochen dëst Traitement. Ech si mir bewosst, dass ech dank de Medikamenter iwwerliewen an d'Gléck hunn zu Lëtzebuerg ze liewen. Verschidden Tester wéi Bluttprouwen, Scanner oder IRM si fir mech wichteg. Si erlaben ze erkennen, wann de Kriibs sech erëm melt.

Kloer, un de Kriibs denken ech dacks. Da kommen se, d'Ängschten an d'Gedanken an deenen ech mech verléieren. Och an dësen Amenter hunn ech Hëllef. Mäi Mann, meng Famill an eis Déieren.

Geléiert hunn ech eppes: Gedold a virun allem ee laangen Otem ze hunn.

Domat wiere mir beim ' Relais pour la Vie'. Dir braucht beim Lafen ee gudden a gesonden Otem. Ech brauch virun allem ee laangen Otem. Esou wéi dir beim Lafen eng Satisfaktioun hutt eppes erreecht ze hunn.

Esou sinn ech ëmmer nees frou eng Etapp an der 'Course fir d'Liewen' gewonn ze hunn.

Merci